N°5380
Reçue le 06.01.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 5380 vum 10. Dezember 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup

1. Den oppene Bréif vum 7. Dezember 2021 dee vum Musée national de la Résistance et des Droits Humains verëffentlecht ginn ass, gouf net mam Kulturministère ofgeschwat. De Musée ënnersteet enger Fondatioun, déi d'Verantwortung vum Musée a sengen Aktivitéiten dréit.

2. All Musée huet d'Recht eng Meenung ze verëffentlechen esou laang dëst am Aklang mat de Wäerter a Rechter vun enger Demokratie ass an de Musée sech un d'Gesetzer a Reegele vum lëtzebuerger Staat hält.

3. All Musée huet d'Recht sech zu gesellschaftspolitesche Sujeten ze äusseren, an de Limitten déi uewe genannt sinn. Muséeë sinn Institutioune wou Wëssen a Wäerter vermëttelt ginn. Dës Vermëttelung huet vu Natur aus eng politesch – mee net parteipolitesch – Dimensioun. Si erlaabt dem Publikum sech mat gesellschaftlechen Theme kritesch auserneen ze setzen a sech eng eege Meenung ze bilden.
   Doriwwer eraus gehéiert et zu de Missioune vum Musée national de la Résistance et des Droits Humains sech fir d'politesch Bildung vun eise Bierger a Biergerinnen anzesetzen, d'Transmissioun vun der Memoire z'assuréieren a Brécken zu der haiteger Zäit ze schloen.

4. De Saz deen hei zitéiert gëtt beinhalt eng Hypothees an och hei steet et dem Musée fräi sech ze äusseren, esou laang dëst am Aklang mat den uewe genannte Wäerter geschitt.

Lëtzebuerg, de 6. Januar 2022.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson